



Annexe 1: Aktivitéitsrapport vum Joer 2020 Generalversammlung vum 15. Juni 2021

Versammlungen:

- D'Generalversammlung war fir den 28.03.2020 geplangt an huet misse wéinst de COVID-19 Restriktiounen ofgesot ginn. Den 20. September 2020 gouf eng Generalversammlung op Distanz ofgehalen, 130 Memberen hu matgemaach an per Bréif oder E-Mail ofgestëmmt.
- De Comité ass am Joer 2020 8 Mol zesumme komm: 21.01.2020, 20.05.2020 (Videokonferenz), 25.06.2020, 14.07.2020, 18.08.2020, 23.09.2020, 28.10.2020 (Videokonferenz), 16.12.2020 (Videokonferenz)

Interviewen / Presse:

- Publikatioun vun 10 ganzsäitege Kolumnen «Eng Klack fir eis Sprooch» a groussen Dageszeitungen (Journal, Luxemburger Wort): 04.01.2020, 01.02.2020, 07.03.2020, 04.04.2020, 02.05.2020, 06.06.2020, 05.07.2020, 03.10.2020, 07.11.2020, 05.12.2020

Gratis Servicer:

- Permanenten Telefonservice fir dem Public all Froen iwwer d'Lëtzebuenger Sprooch ze beäntweren: Orthographie, Grammaire, Geschicht, asw. Dee selwechte Service gouf och iwwer E-Mail a Facebook ugebueden.

Manifestatiounen:

- Eisen Hierschtpatt huet wéinst de COVID-19 Restriktiounen missen ofgesot ginn.
- Eis Präisverdeelung un eis 5 Gewënner am Kader vum Saz-Concours, deen de Lex ROTH Enn 2019 an der «Eng Klack fir eis Sprooch» organiséiert hat, huet misse wéinst de COVID-19 Restriktiounen ofgesot ginn. An deem Concours ass et drëms gaangen ass, Sätz op Lëtzebuergesch esou ze maachen, datt et quasi net méiglech ass, si an eng aner Sprooch ze iwwersetzen.

Verlag:

- Verkaf a Liwwerung vu lëtzebuergesche Bicher aus eisem Verlag: am Ganze goufen am Joer 709 Bicher verkaf.
- Dat neit Buch «Verbentabellen op Lëtzebuergesch» (Englesch) gouf Enn Februar um Festival des Migrations op engem eegene Stand vum Jérôme LULLING an Tom WEIDIG virgestallt a verkaf.
- Publikatioun vum Sammelwierk «Eng Klack fir eis Sprooch», wou déi éischt 250 «Klacken» (Juni 1993 bis Abrëll 2019) vum Lex ROTH an engem Buch zesummegefaasst sinn. Et sinn am Joer 2020 308 Exemplare vum Buch vekaf ginn.
- Déi franséisch Versioun vum Buch « Verbentabellen op Lëtzebuergesch» vum Auteur Jérôme LULLING gouf mat der Ënnerstëtzung vun der Actioun Lëtzebuergesch nogedrückt.



Aktiounen:

- D'Actioun Lëtzebuergesch huet 2 Muséen, déi duerch d'Corona Pandemie gelidden hunn, a sech fir d'Lëtzebuergesch Geschichte an hire Brauchtum asetzen, mat engem Don vun 2×500€ ënnerstëtzt: de Musée « Thillenvogtei » vu Ranschelt an de Musée rural « A Schiewesch » vu Bënzelt.
- Bréif un d'Buergermeeschtesch vun der Stad Lëtzebuerg Lydie Polfer an un de Sportsminister Dan Kersch fir datt den neie Futtball Stadion e lëtzebuergeschen Numm kritt oder den Numm vun engem Lëtzebuergesch Sportler kritt.
- De Lex ROTH huet am Numm vun der Actioun Lëtzebuergesch beim Comic Buch «De Willibrord an Iechternach» matgeschafft.
- De Lex ROTH huet d'Buch «La peste» vum franséieschen Auteur Albert CAMUS op Lëtzebuergesch iwwersat.

Kommunikatioun:

- Eng Kéier am Joer verschécke mir e Bréif mat der Memberskaart an der Invitatioun fir d'Generalversammlung un eis 900 Memberen.
- Sozial Medien: Op Facebook hu mir elo 1458 Follower (1416 Liken), op Instagram iwwer 273 Follower an op Twitter 239 Follower. Eis Poste gi reegelméisseg vun iwwer 10.000 Leit gesinn.
- Mir hunn eng Mailinglëscht mat iwwer 790 E-Mail Adressen opgebaut.
- Well d'AL am Joer 2021 hir 50 Joer feiert, ass e kuerze Film iwwer eis Vereenegung zesummegestalt ginn.
- Eisen Depliant gouf iwwerschaaft an nei gedréckt.

Verschiddenes:

- De 17. Januar 2020 ass eise President Claude BACHE an eise Vize-President Lex ROTH nees fir 3 Joer an den CPL (Comité permanent de la langue luxembourgeoise) gewielt ginn. Eise Sekretär Patrick KAELL ass als «membre suppléant» vum Claude BACHE an den CCPL gewielt ginn.
- Den Tom WEIDIG huet de 25. Juni 2020 de Poste vum Tresorier vum Romain WACHTER iwwerholl.
- D'Daniela Clara MORARU gouf de 16. Dezember 2020 als Comitésmember cooptéiert.

2021:

- Bréif un d'Gemeng Lëtzebuerg, Luxtram S.A. an un den Transportministère, fir datt d'Nimm vun deenen neien Tramstatiounen tëscht der Gare an dem Gaasperecher Bann e lëtzebuergeschen Numm kréien. Mir haten déi heiten Nimm proposéiert: 1. *Rennbunn / Hippodrome*, 2. *Lycée Bouneweg*, 3. *Minesbësch oder Rangwee / Scillas*, 4. *Houwald*, 5. *Lycée Vauban*, 6. *Gaasperecher Bann*, 7. *Stadion*. Duerch eng Äntwert vun der Stater Buergermeeschtesch krute mir zum groussen Deel Satisfactioun.
- De Roby ZENNER, féiere Sekretär vun der AL, ass am Mäerz 2021 verstuerwen.
- 2021 feiert d'Actioun Lëtzebuergesch hir 50 Joer. De 25. November 2021 ass um 19:00 Auer eng Feier an der Nationalbibliothék virgesinn, an d'AL huet an deem Kontext och wëlles eng Broschür ze publizéieren. All eis Membere kréien dann en Exemplar vun der Broschür gratis zougeschéckt.

